N°5425
Reçue le 24.02.2022

LE GOUVERNEMENT
DU GRAND-DUCHÉ DE LUXEMBOURG
Ministère de la Santé

**Gemeinsam Äntwert vun der Madamm Gesondheetsministesch, der Madamm Minister fir Famill an Integratioun an dem Här Minister fir sozial Secherheet op d'parlamentaresch Fro n° 5425 vum 23. Dezember 2021 vum honorabelen Deputéierten Här Jeff Engelen.**

*1) Wéi hunn sech déi absolut Zuele vun de fräiberufflechen Dokteren, den ugestallten Dokteren souwéi den Infirmièren am Gesondheets- a Fleegepersonal zu Lëtzebuerg wärend de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt?*

**Fraiberufflech an ugestallten Dokteren**

Den Rapport « Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg – Rapport final et Recommandations” deen vun der Mme Marie-Lise Lair am Oktober 2019 finaliséiert gouf an um Site www.sante.lu veröffentlecht ass, weist d'Zuelen vun den Generalisten, den Spezialisten an den Zänndokteren déi tëschent 2007 an 2017 aktiv waren ouni en Ënnerscheed ze maachen tëschent den liberalen Dokteren an den ugestallten Dokteren. Dës sinn déi eenzeg Zuelen iwwert déi den Gesondheetsministère verfügt.

Den Rapport kënnt zur Conclusioun datt tëschent 2007 an 2017 d'Unzuel vun praktizéierenden Dokteren wou Honorairen un d'CNS facturéiert gi sinn an déi dem Critère de sélection entspriechen, all Joer an fir all Kategorie vun Dokter an d 'Luucht gaangen ass. Den globalen Wuesstem bedréit 597 Dokteren fir des Zäitspan; dorënner sinn 150 Generalisten, 286 Spezialisten an 161 Zänndokteren. De Wuesstem tëschent 2007 an 2017 wat d'Dokteren betrëfft war manner grouss bei den Spezialisten (35%) wéi bei den Generalisten (44%) oder den Zänndokteren (48%).


**Tabell 1: Entwécklung vun den Dokteren déi eng Facturatioun un d'CNS ausstëllen vun 2007 bis 2017**

| Année | MG | % | MS | % | MD | % | Total |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **2007** | 340 | | 815 | | 336 | | 1.491 |
| **2008** | 359 | 5,59 | 854 | 4,79 | 351 | 4,46 | 1.564 |
| **2009** | 364 | 1,39 | 883 | 3,40 | 367 | 4,56 | 1.614 |
| **2010** | 374 | 2,75 | 903 | 2,27 | 369 | 0,54 | 1.646 |
| **2011** | 392 | 4,81 | 935 | 3,54 | 380 | 2,98 | 1.707 |
| **2012** | 410 | 4,59 | 974 | 4,17 | 396 | 4,21 | 1.780 |
| **2013** | 438 | 6,83 | 998 | 2,46 | 416 | 5,05 | 1.852 |
| **2014** | 444 | 1,37 | 1.021 | 2,30 | 433 | 4,09 | 1.898 |
| **2015** | 458 | 3,15 | 1.052 | 3,04 | 441 | 1,85 | 1.951 |
| **2016** | 478 | 4,37 | 1.067 | 1,43 | 472 | 7,03 | 2.017 |
| **2017** | 490 | 2,51 | 1.101 | 3,19 | 497 | 5,30 | 2.088 |
| **Croissance 2007-2017** | 150 | 44,12 | 286 | 35,09 | 161 | 47,92 | 597 |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des professions médicales du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecins généralistes, MS médecins spécialistes, MD médecins dentistes-dentistes spécialisés-stomatologues*
Tab.8.5 : Evolution du nombre absolu de médecins ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017, par type de médecin

[1]

[1] Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg – Rapport finale et Recommandations, Auteur : Madame Marie-Lise Lair, Version du 1er octobre 2019, Partie 8 – Démographie médicale au Luxembourg selon les données de la CNS croisées avec le registre des médecins, p. 335-336




*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des professions médicales du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecins généralistes, MS médecins spécialistes, MD+S médecins dentistes-dentistes spécialisés-stomatologues*

D'Tabell 1 weist wéi sech d'Unzuel vun den Dokteren no Statut am Laf vun de Jore weiderentwéckelt huet.

**Tabell 1: Entwécklung vun der Unzuel vun den Dokteren no Statut vun 2007 bis 2017**

| **Type vun Aktivitéit** | **2007** | **2010** | **2013** | **2016** | **2017** |
|---|---|---|---|---|---|
| Fräiberufflechen Dokter | 1 306 | 1 436 | 1 595 | 1 729 | 1 794 |
| Ugestallten Dokter | 147 | 166 | 209 | 223 | 228 |
| Dokter mat gemixter Aktivitéit | 38 | 43 | 48 | 65 | 66 |
| **Total** | **1 491** | **1645** | **1852** | **2 017** | **2 088** |
| *Entwécklung (%)* [a] | | *1,9%* | *4,0%* | *3,4%* | *3,5%* |

Quell: Datebank vun der Gesondheetskeess (CNS) an de Register vun den autoriséierten Doktere vum Gesondheetsministère, Rechnung IGSS.

[a] Entwécklung par rapport zum Joer virdrun.

Vun 2007 bis 2017 ass d'Unzuel vun den Dokteren em 40,0% geklommen. D'Zuel vun de fräiberufflechen Dokteren evoluéiert em 37,4% an déi vun den ugestallten Dokteren em 55,1%.

Am Joer 2007 ware 87,6% vun den Doktere fräiberufflech, 2017 sinn et der 85,9%. Déi ugestallten Dokteren hunn 2007 9,9% vun de gesamten Dokteren ausgemaach, 2017 waren et der 10,9%.

**<u>Infirmièren am Gesondheets- an Fleegesecteur</u>**

**Tabell 2: Entwécklung vun der Unzuel vun den Infirmieren(ièren) no Statut am Gesondheetssecteur vun 2009 bis 2017**

| Type vun Aktivitéit | 2009 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| Fräiberufflechen Infirmier(ière) | 29 | 33 | 33 | 39 | 40 |
| Ugestallten Infirmier(ière) | 6 | 4 | 8 | 4 | 8 |
| Infirmier(ière) mat gemixter Aktivitéit | 5 | 5 | 5 | 5 | 5 |
| Total | 40 | 42 | 46 | 48 | 53 |
| *Entwécklung (%) [a)]* | | *5,0%* | *17,9%* | *2,1%* | *10,4%* |

Quell: Datebank vun der CNS, Rechnung IGSS.
[a)] Entwécklung par rapport zum Joer virdrun.

Vun 2009 bis 2017 ass d'Unzuel vun den Infirmieren(ièren) am Gesondheetssecteur em 32,5% geklommen.

Am Joer 2009 waren 72,5% vun den Infirmieren(ièren) am Gesondheetssecteur fräiberufflech, 2017 sinn et der 75,5%. Déi ugestallten Infirmieren(ièren) am Gesondheetssecteur hunn 2007 33,3% vun de gesamten Infirmieren(ièren) am Gesondheetssecteur ausgemaach, 2017 waren et der 9,4%.

Zousätzlech zu dëser Unzuel vun Infirmieren(ièren), déi der Gesondheetskeess Rechnungen ausgestallt hunn an déi am Gesondheetssecteur schaffen, weist Tabell 3, d'Entwécklung vun den aktiven den Infirmieren(ieren) (practising nurses) esou wei se an der Methodologie vun der OCDE definéiert goufen.[2] Eng Opdeelung no Statut ass leider net méiglech.

**Tabell 3: Entwécklung vun der Unzuel vun den aktiven Infirmieren(ièren) vun 2009 bis 2017**

| Joer | 2009 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|
| Aktiv Infirmieren(ièren) | 5 533 | 5 602 | 6 481 | 6 836 | 6 992 |

Quell: OCDE Datenbank.

Den Ënnerscheed tëschent den Zuelen aus der Tabell 2 an der Tabell 3 kennt doduerch datt ee groussen Deel vun den Infirmieren(ièren) am Gesondheets- a Fleegesecteur bei de Spideeler oder Altersheemer ugestallt sinn an deemno net der CNS Rechnungen ausstellt.

**Tabell 4: Entwécklung vun der Unzuel vun den ugestallten Infirmieren(ièren) am Fleegesecteur vun 2001 bis 2020 (an Equivalents temps plein – ETP)**

| Joer | 2001 | 2004 | 2007 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TOTAL | 772,3 | 1 117,7 | 1 355,4 | 1 582,2 | 1 863,3 | 2 000,7 | 2 027,5 | 2 367,3 |
| *Entwécklung (%)[a)]* | *28,6%* | *12,2%* | *6,0%* | *3,8%* | *3,8%* | *0,5%* | *1,3%* | *6,2%* |

Quell: Gesondheetskeess (CNS), Rechnung IGSS.
[a)] Entwécklung par rapport zum Joer virdrun.

[2] Et handelt sech em Dokteren/Infirmieren(ièren) déi eng Autorisation d'exercice hun an aktiv um Patient schaffen. Déi administrativ Dokteren/, Dokteren/ Infirmieren(ièren) déi am Ausland schaffen, Dokteren/ Infirmieren(ièren) déi an der Pensioun sinn, etc., ginn hei net matgezielt.

*2) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Zuel vun den Awunner, d'Zuel vun de Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule, d'Zuele vun de fräiberufflechen Dokteren, den ugestallten Dokteren souwéi den Infirmièren am Gesondheets- a Fleegepersonal wärend de Joren 1990 bis 2020 entwéckelt hunn, a wéi vill Awunner a Leit mat enger lëtzebuergescher Matricule sech jeeweils op een Dokter (cumuléiert) an eng Infirmière aus dem Gesondheetsberäich verdeelt hunn?*

**Fraiberufflech an ugestallten Dokteren**

Och hei verfügt de Gesondheetsministère just iwwer déi Zuelen déi fir d'Zaitspann vun 2007 an 2017 am Rapport Lair[3] publizéiert goufen.

Doriwwer eraus ass et sou datt d'Dokteren zu Lëtzebuerg ëmmer méi assuréiert Frontalieren behandelen. 2017, louch den Prozentsatz vun der consommation de soins médicaux vun den Frontalieren bei 5,9%.

| Année | Nombre MG | Habitants | Personnes protégées | MG par 1000 h | MG par 1000 pers. protégées |
|---|---|---|---|---|---|
| **2007** | 340 | 476187 | 643880 | 0,71 | 0,53 |
| **2008** | 359 | 483799 | 666314 | 0,74 | 0,54 |
| **2009** | 364 | 493500 | 681958 | 0,74 | 0,53 |
| **2010** | 374 | 502066 | 699539 | 0,74 | 0,53 |
| **2011** | 392 | 512353 | 720310 | 0,77 | 0,54 |
| **2012** | 410 | 524853 | 739862 | 0,78 | 0,55 |
| **2013** | 438 | 537039 | 756185 | 0,82 | 0,58 |
| **2014** | 444 | 549680 | 773061 | 0,81 | 0,57 |
| **2015** | 458 | 562958 | 793044 | 0,81 | 0,58 |
| **2016** | 478 | 576249 | 813124 | 0,83 | 0,59 |
| **2017** | 490 | 590667 | 835002 | 0,83 | 0,59 |
| **2017 *** | 480 | 590667 | 835002 | 0,81 | 0,57 |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Source de la population : STATEC*
*Source des personnes protégées : IGSS*
*Légende : MG médecins généralistes*
** sans les 10 médecins salariés en 2017*

Tab.8.25 : Evolution de la densité des médecins généralistes par 1.000 habitants et par 1.000 personnes protégées, chez les médecins généralistes ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017

Obwuel d'Populatioun tëschent 2007 an 2017 ëm 24,04% gewuess ass, lung den Taux d'accroissement vun den Generalisten während därselwechter Zäitspan bei 41,17%.


Den Ratio vun den Generalisten pro 1000 Awunner tëschent 2007 an 2017 ass vun 0,71 op 0,83 (+0,12) geklommen wat bedeit dass d'Unzuel vun Generalisten, déi sech zu Lëtzebuerg installéiert hunn, an d'Luucht gaangen ass.

Mee den Ratio ass liicht verfälscht well d'Dokteren aus der Gériatrie bei der CNS an der selwechter Grupp opgefouert sinn wéi d'Generalisten. Dat selwecht gëllt fir d'Generalisten déi an enger Institutioun als Salarié schaffen wéi zum Beispill an den Urgencen beim CHL.

Am Fall wou een die 10 ugestallten Dokteren eraushält vir d'reell Unzuel vun liberalen Generalisten erauszefannen, dann sinn et 480 Generalisten am Joer 2017 an esou klëmmt den Ratio vun Generalisten vun 0,81 op 0,83 pro 1000 Awunner.

[3] idem

Den Ratio vun Generalisten pro 1000 Persounen ass vill méi niddereg wéi pro 1000 Awunner, mee klëmmt awer vun 0,53 op 0,59 (+0,06) tëschent 2007 an 2017.





*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecins généralistes*

Den Ratio vun den Spezialisten déi dem Critère de sélection huet sech positiv entwéckelt vun 2007 bis 2017 an klëmmt vun 1,71 op 1,86 (+0,15) pro 1000 Awunner an vun 1,27 op 1,32 (0,05) pro 1000 Persounen.

Dobäi muss gesot ginn dass zanter 2012 den Ratio sech stabiliséiert huet. D'Unzuel vun Spezialisten bleift konstant obschonn d'Bevëlkerung zougeholl huet.

| Année | MS | Habitants | Pers. protégées | MS /1000 h | MS /1000 pers. protégées |
|---|---|---|---|---|---|
| **2007** | 815 | 476187 | 643880 | 1,71 | 1,27 |
| **2008** | 854 | 483799 | 666314 | 1,77 | 1,28 |
| **2009** | 883 | 493500 | 681958 | 1,79 | 1,29 |
| **2010** | 903 | 502066 | 699539 | 1,80 | 1,29 |
| **2011** | 935 | 512353 | 720310 | 1,82 | 1,30 |
| **2012** | 974 | 524853 | 739862 | 1,86 | 1,32 |
| **2013** | 998 | 537039 | 756185 | 1,86 | 1,32 |
| **2014** | 1021 | 549680 | 773061 | 1,86 | 1,32 |
| **2015** | 1052 | 562958 | 793044 | 1,87 | 1,33 |
| **2016** | 1067 | 576249 | 813124 | 1,85 | 1,31 |
| **2017** | 1101 | 590667 | 835002 | 1,86 | 1,32 |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MS médecins spécialistes*
Tab.8.26 : Evolution de la densité des médecins spécialistes par 1.000 habitants et par 1.000 personnes protégées, chez les médecins spécialistes ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017




*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Source pour le nombre d'habitants : STATEC*
*Source pour le nombre de personnes protégées : IGSS*
*Légende : MS médecins spécialistes*


Fig.8.36 : Evolution de la densité des médecins spécialistes par 1.000 habitants et par 1.000 personnes protégées, chez les médecins spécialistes ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017

Den Ratio vun den Zänndokteren déi dem Critère de sélection entspriechen huet sech positiv entwéckelt vun 2007 bis 2017 an klëmmt vun 0,71 op 0,84 (+0,13) pro 1000 Awunner an vun 0,52 op 0,60 (+0,08) pro 1000 personnes protégées.

| Année | MD | Habitants | Pers. protégées | MD /1000 h | MD /1000 pers. protégées |
|---|---|---|---|---|---|
| **2007** | 336 | 476187 | 643880 | 0,71 | 0,52 |
| **2008** | 351 | 483799 | 666314 | 0,73 | 0,53 |
| **2009** | 367 | 493500 | 681958 | 0,74 | 0,54 |
| **2010** | 369 | 502066 | 699539 | 0,73 | 0,53 |
| **2011** | 380 | 512353 | 720310 | 0,74 | 0,53 |
| **2012** | 396 | 524853 | 739862 | 0,75 | 0,54 |
| **2013** | 416 | 537039 | 756185 | 0,77 | 0,55 |
| **2014** | 433 | 549680 | 773061 | 0,79 | 0,56 |
| **2015** | 441 | 562958 | 793044 | 0,78 | 0,56 |
| **2016** | 472 | 576249 | 813124 | 0,82 | 0,58 |
| **2017** | 497 | 590667 | 835002 | 0,84 | 0,60 |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Source pour la population : STATEC*
*Source pour le nombre de personnes protégées : IGSS*
*Légende : MD médecins dentistes-dentistes spécialisés-stomatologues*

Tab.8.27 : Evolution de la densité des médecins dentistes par 1.000 habitants et par 1.000 personnes protégées, chez les médecins dentistes ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017




*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MD médecins dentistes-dentistes spécialisés-stomatologues*
Fig.8.37 : Evolution de la densité des médecins dentistes par 1.000 habitants et par 1.000 personnes protégées, chez les médecins dentistes ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017


Dobäi muss gesot ginn dass zënter 2012 den Ratio sech stabiliséiert huet. D'Unzuel vun Spezialisten bleift konstant obschonn d'Bevëlkerung zougeholl huet.

Vu dass am Calcul vum Ratio all Spezialisatiounen an Betruecht gezunn ginn, geet des primär Analyse awer nët duer. Dësen Ratio kann dofir méi niddereg an verschiddenen Beräicher sinn an dofir méi héich an aneren.

Den globalen Ratio vun praktizéierenden Dokteren déi dem Critère de sélection pro 1000 Awunner entspriechen, ass vun 3,13 am Joer 2007 op 3,53 am Joer 2017 geklomm, wat enger Hausse vun 0,40 pro 1000 Awunner op 11 Joer entsprécht.

| Année | MG /1000h | MS /1000h | MD /1000h | Med/1000h |
|---|---|---|---|---|
| **2007** | 0,71 | 1,71 | 0,71 | 3,13 |
| **2008** | 0,74 | 1,77 | 0,73 | 3,24 |
| **2009** | 0,74 | 1,79 | 0,74 | 3,27 |
| **2010** | 0,74 | 1,80 | 0,73 | 3,27 |
| **2011** | 0,77 | 1,82 | 0,74 | 3,33 |
| **2012** | 0,78 | 1,86 | 0,75 | 3,39 |
| **2013** | 0,82 | 1,86 | 0,77 | 3,45 |
| **2014** | 0,81 | 1,86 | 0,79 | 3,46 |
| **2015** | 0,81 | 1,87 | 0,78 | 3,46 |
| **2016** | 0,83 | 1,85 | 0,82 | 3,50 |
| **2017** | 0,83 | 1,86 | 0,84 | 3,53 |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecin généraliste, MS médecin spécialiste, MD médecin dentiste-dentiste spécialisé-stomatologue, Med médecins*
Tab.8.28 : Evolution de la densité des médecins par 1.000 habitants exerçant auprès des patients et ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017




*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecins généralistes, MS médecins spécialistes, MD médecins dentistes-dentistes spécialisés-stomatologues*
Fig.8.38 : Evolution de la densité des médecins par 1.000 habitants exerçant auprès des patients et ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017

Den globalen Ratio vun praktizéierenden Dokteren déi dem Critère de sélection pro 1000 personnes protégées entspriechen, ass vun 2,32 am Joer 2007 op 2,51 am Joer 2017 geklomm, wat enger Hausse vun 0,19 pro 1000 personnes protégées op 11 Joer entsprécht.

**<u>Infirmièren am Gesondheets- an Fleegesecteur</u>**

| Année | MG/ 1.000 PP | MS/ 1.000 PP | MD/ 1.000 PP | Total/ 1.000 PP |
|---|---|---|---|---|
| **2007** | 0,53 | 1,27 | 0,52 | 2,32 |
| **2008** | 0,54 | 1,28 | 0,53 | 2,35 |
| **2009** | 0,53 | 1,29 | 0,54 | 2,36 |
| **2010** | 0,53 | 1,29 | 0,53 | 2,35 |
| **2011** | 0,54 | 1,3 | 0,53 | 2,37 |
| **2012** | 0,55 | 1,32 | 0,54 | 2,41 |
| **2013** | 0,58 | 1,32 | 0,55 | 2,45 |
| **2014** | 0,57 | 1,32 | 0,56 | 2,45 |
| **2015** | 0,58 | 1,33 | 0,56 | 2,47 |
| **2016** | 0,59 | 1,31 | 0,58 | 2,48 |
| **2017** | 0,59 | 1,32 | 0,6 | **2,51** |

*Source : Fichier CNS croisé avec le registre des médecins du MINSAN- Traitement IGSS*
*Légende : MG médecin généraliste, MS médecin spécialiste, MD médecin dentiste-dentiste spécialisé-stomatologue, Med médecins, PP personne protégée*
Tab.8.29 : Evolution de la densité des médecins par 1.000 personnes protégées exerçant auprès des patients et ayant une facturation annuelle à la CNS répondant au critère de sélection, entre 2007 et 2017

An dem „Etat des lieux des professions médicales et des professions de santé au Luxembourg“ fënnt een eng Rei Tabellen déi d'Entwéckelung vum Gesondheets- an Fleegepersonal no Statut vun 2007 bis 2017 duerstellen (Tabellen 1 an 2).

An der Tabell 2 fënnt een d'Unzuel vun den Infirmieren(ièren) déi der Gesondheetskeess Rechnungen ausgestallt hunn an déi am Gesondheetssecteur schaffen.

Vun 2001 bis 2020 (2007-2017) ass d'Unzuel vun den ugestallten Infirmieren(ièren) am Fleegesecteur em 206,5% (49,6%) geklommen. Déi staark Evolutioun vun den ugestallten Infirmieren(ièren) am Fleegesecteur an de Joren 2001-2006 ass op d'Entwécklung vun der Fleegeversécherung zeréckzeféieren déi am Januar 1999 zu Lëtzebuerg agefouert gouf. D'Tabelle 5 a 6 weise wei sech op der enger Säit d'Bevëlkerung vu Lëtzebuerg an op der anerer Säit d'versêchert Bevëlkerung (am Kader vun der Krankeversécherung) iwwert déi lescht 20 Joer entwéckelt huet.

**Tabell 5: Entwécklung vun der Lëtzebuerger Bevëlkerung vun 2001-2020 [a)]**

| Joer | 2001 | 2004 | 2007 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TOTAL | 444 000 | 461 200 | 483 800 | 511 800 | 549 700 | 590 667 | 602 005 | 634 730 |
| *Entwécklung (%)* | *1,1%* | *1,4%* | *1,6%* | *1,9%* | *2,4%* | *2,5%* | *1,9%* | *1,4%* |

Quell: STATEC.

[a)] Situatioun um 31 Dezember.

**Tabell 6: Entwécklung vun der versécherter Bevëlkerung vun 2001-2020 [a)]**

| Joer | 2001 | 2004 | 2007 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TOTAL | 553 660 | 592 817 | 643 880 | 699 539 | 756 185 | 813 124 | 835 002 | 896 548 |
| Dovu Résidents | 424 037 | 439 628 | 455 752 | 478 720 | 508 712 | 536 423 | 546 523 | 578 426 |
| *Entwécklung (%)* | *3,4%* | *2,5%* | *3,2%* | *2,6%* | *2,2%* | *2,5%* | *2,7%* | *1,9%* |
| *Dovu Résidents* | *1,4%* | *1,4%* | *1,3%* | *1,7%* | *1,9%* | *1,9%* | *1,9%* | *1,8%* |

Quell: Centre commun de la sécurité sociale, Rechnung IGSS.

[a)] Moyenne pro Joer vun der Situatioun um Enn vun all Mount.

D'Tabelle 7 an 8 weisen wei sech op der enger Säit d'Unzuel vun den aktiven Doktere pro 1 000 Awunner an op der anerer d'Unzuel vun den aktiven Infirmieren(ièren) pro 1 000 Awunner entwéckelt huet.

**Tabell 7: Entwécklung vun der Zuel vun den aktiven Doktere pro 1000 Awunner vun 2001 bis 2017**

| Joer | 2001 | 2004 | 2007 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TOTAL | 2,21 | 2,42 | 2,68 | 2,77 | 2,83 | 2,88 | 2,98 |

Quell: OCDE Datenbank.

**Tabell 8: Entwécklung vun der Zuel vun den aktiven Infirmieren(ièren) pro 1000 Awunner vun 2001 bis 2017**

| Joer | 2001 | 2004 | 2007 | 2010 | 2013 | 2016 | 2017 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|
| TOTAL | 7,46 | 9,09 | n.d. | 11,05 | 11,93 | 11,72 | 11,72 |

Quell: OCDE Datenbank.


D'Resultater déi an den Tabelle 7 an 8 gewise gi baséieren sech op d'Unzuel vun aktiven Doktere respektiv Infirmieren(ieren) (practising physicians/nurses) esou wei se an der Methodologie vun der OCDE definéiert goufen[4]. Dëst ass eng aner Definitioun wei déi déi an der Tabellen 1 an 2 gewise gëtt.

*3. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi sech d'Gesamtzuel vun den Awunner vun Alters- a Fleegeheemer, souwéi Leit déi en allgemenge Fleegedéngscht an Usproch huele wärend de Joren 1990 bis 2020entwéckelt huet, a wéi vill vun deene genannte Persounen sech jeeweils op eng Infirmière verdeelt hunn? Kann d'Madamm Minister fir dee genannten Zäitraumw.e.g de järlechen Duerchschnëttsalter vun der Bevëlkerung preziséieren?*

De Familljen- an Integratiounsministère huet Donnéeën iwwert déi Better an den Alters- a Fleegeheemer déi laut dem modifizéierte Gesetz vum 8. September 1998 (loi ASFT) a laut dem groussherzogleche Reglement vum 8. Dezember 1999 en Agrément hunn.

Am Joer 2000 sinn d' Fleegeheemer (maisons de soins) ënnert d'Tutelle vum deemolege Familljeministère komm a vun 2002 un ass dunn e systematesche Relevé vun den agreéierte Better gemaach ginn.

Hei drënner ass d'Entwécklung vun den agreéierte Better an de Altersheemer (CIPA) an an de Fleegeheemer (maisons de soins) zënter 2002:




De Familljen- an Integratiounsministère huet keng Informatiounen iwwert d'Zuel vun de Leit déi een allgemenge Fleegedéngscht an Usproch huele well et sech hei ëm eng Relatioun tëschent engem Client an engem Prestataire handelt.

Am Moment hunn 16 Héllefs- a Fleegedëngschter en Agrément vum Familljen- an Integratiounsministère.

[4] Et handelt sech Dokteren/Infirmieren(ièren) déi eng Autorisation d'exercice hun an aktiv um Patient schaffen. Déi administrativ Dokteren/, Dokteren/ Infirmieren(ièren) déi am Ausland schaffen, Dokteren/ Infirmieren(ièren) déi an der Pensioun si ginn hei net matgezielt.

De Familljen- an Integratiounsministère huet keng Donnéeën zum Duerchschnëttsalter vun der Bevëlkerung. Dem STATEC no, ass den Duerchschnëttsalter vun der Bevëlkerung vun 37.52 Joer am Joer 2001 op 39.54 Joer am Joer 2020 eropgangen.

Bei den Zuelen déi hei drënner presentéiert sinn, handelt et sech em fleegebedierfteg[5] Leit, déi um 31 Dezember vum Joer een aktive Fleegeplang hunn. Et sinn also Leit déi méi wei 3,5 Stonne Fleeg d'Woch brauchen, an dat, fir wahrscheinlech méi wei 6 Méint, sou wei Leit mat Palliativfleeg a verschiddene spezifeschen Erkrankungen déi per Gesetz festgehale sinn[6]. Et handelt sech och just em déi Leit, déi bei der Lëtzebuerger Krankeversécherung (assurance maladie-maternité) affiliéiert sinn.

D'Personal, dat an den Tabellen 9 an 10 uginn ass, ass dat Personal wat am Kontakt mat der fleegebedierfteger Persoun steet, also "Personnel d'assistance et de soins" sou wei "Personnel socio-éducatif". D'Personal bei de Reseauen (RAES) beinhalt och Personal, wat Aktivitéiten ausübt, déi net spezifesch an de Kader vun der Fleegeversécherung falen (z.B. Fleeg déi eng Persoun no engem Spidolsopenthalt wärend e puer Woche vun der Krankeversécherung bezuelt kritt). D'Personal ass an Equivalent temps plein (ETP) uginn.

**Tabell 9: Entwécklung vun der Unzuel vun den affiliéierte fleegebedierftege Persounen doheem an/oder an engem Etablissement d'aides et de soins à séjour intermittent (ESI), a vum Personal wat sech em déi Leit këmmert, vun 2006 bis 2020.**

| Joer | Unzuel vun affiliéierten fleegebedürtege Léit | TOTAL ETP doheem an am ESI | Rapport fleegebedierfteg Leit/ETP |
|---|---|---|---|
| 2006 | 6 562 | 2 031,4 | 3,2 |
| 2007 | 6 748 | 2 233,6 | 3,0 |
| 2008 | 7 021 | 2 403,0 | 2,9 |
| 2009 | 7 347 | 2 550,8 | 2,9 |
| 2010 | 7 799 | 2 604,6 | 3,0 |
| 2011 | 8 280 | 2 737,0 | 3,0 |
| 2012 | 8 664 | 2 959,1 | 2,9 |
| 2013 | 8 936 | 3 094,8 | 2,9 |
| 2014 | 8 936 | 3 372,0 | 2,7 |
| 2015 | 8 892 | 3 351,3 | 2,7 |
| 2016 | 9 041 | 3 360,8 | 2,7 |
| 2017 | 9 120 | 3 538,6 | 2,6 |
| 2018 | 9 560 | 3 634,3 | 2,6 |
| 2019 | 10 053 | 3 790,6 | 2,7 |
| 2020 | 10 535 | 3 897,6 | 2,7 |

Quellen: CNS, Datenbank CNS, Rechnung IGSS.

**Tabell 10 – Entwécklung vun der Unzuel vun den affiliéierte fleegebedierftege Persounen an engem Alters- a Fleegeheem (ESC) a vum Personal wat sech em déi Leit këmmert, vun 2006 bis 2020.**

[5] D'Fleegeversécherung ass duerch d'Gesetz vum 19 Juni 1998 den 1te Januar 1999 a Kraaft getrueden zu Lëtzebuerg.
[6] https://legilux.public.lu/eli/etat/leg/rgd/1998/12/18/n9/jo

| Joer | Unzuel vun affiliéierte fleegebedierftege Léit | TOTAL ETP an den ESC | Rapport fleegebedierfteg Leit/ETP |
|---|---|---|---|
| 2006 | 3 054 | 2 520,0 | 1,2 |
| 2007 | 3 248 | 2 620,4 | 1,2 |
| 2008 | 3 336 | 2 782,5 | 1,2 |
| 2009 | 3 535 | 2 818,7 | 1,3 |
| 2010 | 3 826 | 3 022,0 | 1,3 |
| 2011 | 3 874 | 3 545,8 | 1,1 |
| 2012 | 4 089 | 3 698,0 | 1,1 |
| 2013 | 4 194 | 3 610,3 | 1,2 |
| 2014 | 4 331 | 3 824,4 | 1,1 |
| 2015 | 4 438 | 3 940,5 | 1,1 |
| 2016 | 4 500 | 3 909,6 | 1,2 |
| 2017 | 4 543 | 3 871,1 | 1,2 |
| 2018 | 4 679 | 3 907,7 | 1,2 |
| 2019 | 4 780 | 4 034,0 | 1,2 |
| 2020 | 4 613 | 4 165,3 | 1,1 |

Quellen: CNS, Datenbank CNS, Rechnung IGSS.

**Tabell 11 - Entwécklung vum Duerchschnëttsalter op den 31ten Dezember gekuckt vun den affiliéierte fleegebedierftege Persounen doheem an/oder an engem ESI, respektiv an engem Alters- a Fleegeheem (ESC), vun 2006 bis 2020.**

| Joer | Doheem an/oder ESI | ESC |
|---|---|---|
| 2006 | 66,6 | 83,4 |
| 2007 | 66,2 | 83,5 |
| 2008 | 66,2 | 83,6 |
| 2009 | 66,0 | 83,9 |
| 2010 | 65,8 | 84,0 |
| 2011 | 65,6 | 84,3 |
| 2012 | 65,3 | 84,3 |
| 2013 | 65,4 | 84,3 |
| 2014 | 65,3 | 84,5 |
| 2015 | 65,2 | 84,6 |
| 2016 | 65,3 | 84,6 |
| 2017 | 64,9 | 84,7 |
| 2018 | 64,6 | 84,8 |
| 2019 | 64,5 | 84,9 |
| 2020 | 64,6 | 84,5 |

Quellen: Datenbank CNS, Rechnung IGSS.

Quell: IGSS.

*4) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Iwwerstonnen déi ugestallten Dokteren, an d'Infirmièren aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils insgesamt geleescht hunn a wéi dës Iwwerstonnen sech zum engen op déi eenzel Personalgruppe verdeelena wéi vill Iwwerstonnen domat jeeweils duerchschnëttlech op ee Vertrieder vundeenen eenzele Personalgruppen entfall sinn? Kann d'Regierung preziséieren opwéi eng dräi Méint de Pic vun de geleeschten Iwwerstonnen wärend deenegenannte Jore jeeweils entfall ass an op wéi eng dräi Méint de Pic vun derKompensatioun vun de geleeschten Iwwerstonne wärend deene genannte Jorejeeweils entfall ass?*

Déi 4 Akutspideeler sinn privatrechtlech gefouert an et besteet deemno eng Autonomie an der Gestioun vun den jeweiligen Heiser. Den Gesondheetsministère huet deemno keen Afloss dorop wéi déi verschidden Spideeler hier Aktivitéiten organiséieren an huet keng Informatiounen dozou wéivill Iwwerstonnen an deenen verschiddenene Spideeler vum Fleegepersonal geleescht ginn sinn.

*5. Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Stonne Krankeschäin wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur entfall sinn a wéi vill Stonne Krankeschäin dëst jeeweils am Duerchschnëtt pro Persoun pro genannter Beruffsgrupp entsprach huet?*

D'Unzuel vu Stonne Krankeschäi gëtt op Basis vun de Stonnen déi monatlech beim Centre commun de la sécurité sociale vun de Patronen deklaréiert goufe gerechent. An dësen Zuele sinn d'Stonne vun den ugestallte Leit, déi am Krankheetsfall hiert Gehalt iwwert déi gesetzlech fixéiert 77 Deeg ("Lohnfortzahlung") weider bezuelt kréien net mat dran an an deem Fall och kee Krankegeld vun der Gesondheetskeess ausbezuelt kréien (Staatsbeamten a Staatsugestallten, Gemengebeamten a Gemengenugestallten). Zousätzlech ass et och esou datt am Gesondheets- a Fleegesecteur esou en Typ vu Leit éischter eng Minoritéit duerstellen (manner wéi 2% am Joer 2020).

D'Tabell 12 weist d'Entwécklung vun de Stonne Krankeschäi fir déi ugestallten a fräiberufflech Leit, déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffen, vun 2010 bis 2020[7].

**Tabell 12: Entwécklung vun de Stonne Krankeschäi fir déi ugestallten a fräiberufflech Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffen no Ursaach vun 2010 bis 2020 (an 1 000 Stonnen)**

| | 2010 | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Fleegesecteur** | | | | | | | | | | | |
| Accident | 80 | 72 | 99 | 112 | 101 | 120 | 104 | 91 | 92 | 101 | 86 |
| Congé d'accompagnement | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| Congé d'accueil | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Congé de maternité | 0 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 2 | 1 | 1 |
| Dispenses pour femmes enceintes/allaitantes | 3 | 6 | 2 | 0 | 0 | 0 | 0 | 1 | 7 | 4 | 1 |

[7] Gemäss dem Artikel 169 Alinea 1 vun den Statuten vun der CNS : „Par période d'incapacité de travail, on entend les jours civils consécutifs pendant lesquels l'assuré est de façon ininterrompue incapable de travailler pour cause de maladie ou d'accident ainsi que ceux pour lesquels il bénéficie d'un congé pour raisons familiales, d'un congé de maternité, d'une dispense de travail pour femmes enceintes ou allaitantes, d'un congé d'accueil ou d'un congé d'accompagnement.

| | | | | | | | | | | | |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Maladie | 1.435 | 1.553 | 1.726 | 1.951 | 1.895 | 2.086 | 2.169 | 2.212 | 2.476 | 2.600 | 2.818 |
| Congé pour raisons familiales | 20 | 26 | 22 | 24 | 28 | 30 | 31 | 31 | 57 | 57 | 522 |
| **Total** | **1.538** | **1.658** | **1.850** | **2.088** | **2.026** | **2.238** | **2.306** | **2.337** | **2.635** | **2.764** | **3.429** |
| **Gesondheetssecteur** | | | | | | | | | | | |
| Accident | 24 | 27 | 27 | 26 | 25 | 33 | 27 | 24 | 28 | 29 | 19 |
| Congé d'accompagnement | 0 | 0 | 0 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 | 1 |
| Congé d'accueil | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Congé de maternité | 1 | 1 | 3 | 2 | 3 | 2 | 2 | 1 | 4 | 2 | 1 |
| Dispenses pour femmes enceintes/allaitantes | 0 | 1 | 1 | 1 | 4 | 6 | 3 | 4 | 5 | 2 | 2 |
| Maladie | 657 | 672 | 710 | 805 | 826 | 834 | 874 | 885 | 972 | 1.042 | 1.108 |
| Congé pour raisons familiales | 12 | 15 | 12 | 15 | 17 | 19 | 21 | 18 | 27 | 27 | 244 |
| **Total** | **694** | **716** | **753** | **850** | **876** | **895** | **928** | **933** | **1.037** | **1.103** | **1.375** |
| **Gesondheets- an Fleegesecteur** | | | | | | | | | | | |
| Accident | 104 | 99 | 126 | 138 | 126 | 153 | 131 | 115 | 120 | 130 | 105 |
| Congé d'accompagnement | 0 | 0 | 0 | 1 | 2 | 2 | 2 | 2 | 2 | 2 | 2 |
| Congé d'accueil | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 | 0 |
| Congé de maternité | 1 | 2 | 4 | 3 | 4 | 3 | 3 | 2 | 6 | 3 | 2 |
| Dispenses pour femmes enceintes/allaitantes | 3 | 7 | 3 | 1 | 4 | 6 | 3 | 5 | 12 | 6 | 3 |
| Maladie | 2.092 | 2.225 | 2.436 | 2.756 | 2.721 | 2.920 | 3.043 | 3.097 | 3.448 | 3.642 | 3.926 |
| Congé pour raisons familiales | 32 | 41 | 34 | 39 | 45 | 49 | 52 | 49 | 84 | 84 | 766 |
| **Total** | **2.232** | **2.374** | **2.603** | **2.938** | **2.902** | **3.133** | **3.234** | **3.270** | **3.672** | **3.867** | **4.804** |

Quell: IGSS.

D'Tabell 13 stellt d'Entwécklung vun de Stonne Krankeschäi fir déi ugestallten a fräiberufflech Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffe pro Ugestallte vun 2010 bis 2020 duer.

**Tabell 13: Stonne Krankeschäi fir déi ugestallten a fräiberufflech Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffe pro Ugestallte vun 2010 bis 2020**

| **Joer** | **2010** | **2011** | **2012** | **2013** | **2014** | **2015** | **2016** | **2017** | **2018** | **2019** | **2020** |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| Fleegesecteur | 94 | 96 | 98 | 107 | 98 | 106 | 104 | 101 | 109 | 109 | 130 |
| Gesondheetssecteur | 49 | 50 | 51 | 56 | 57 | 57 | 59 | 57 | 61 | 63 | 76 |
| **Total** | **73** | **75** | **77** | **85** | **80** | **85** | **85** | **83** | **89** | **90** | **108** |

*6) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen un zweckgebonnenem Congé (zum Beispill den Elterecongé) wärend de Joren 1990 bis 2020 jeeweils op d'Personal aus dem Gesondheets- a Fleegesecteur entfall sinn a wéi vill Stonne Congé dëst jeeweils am Duerchschnëtt pro Persoun pro genannter Beruffsgrupp entsprach huet?*

D'Tabell 14 weist d'Entwécklung vun d'Gesamtzuel vun de Stonnen déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffen, vun 2010 bis 2020[8].

**Tabell 14: Entwécklung vun d'Gesamtzuel vun de Stonnen déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffe vun 2010 bis 2020 (an 1 000 Stonnen)**

| | 2010 | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Fleegesecteur** | 409 | 433 | 419 | 450 | 500 | 518 | 608 | 698 | 659 | 685 | 711 |
| **Gesondheetssecteur** | 364 | 350 | 335 | 352 | 325 | 358 | 390 | 409 | 439 | 494 | 463 |
| **Total** | 773 | 783 | 754 | 802 | 825 | 877 | 998 | 1107 | 1098 | 1180 | 1174 |

Quell: IGSS.

D'Tabell 15 stellt d'Entwécklung vu Stonnen déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit déi am Gesondheets- a Fleegesecteur schaffe pro Persoun, vun 2010 bis 2020 duer.

**Tabell 15: Entwécklung vu Stonnen déi fir Elterecongé benotzt gi si vun de Leit déi am Gesondheets- an Fleegesecteur schaffe pro Persoun vun 2010 bis 2020 (a Stonnen)**

| | 2010 | 2011 | 2012 | 2013 | 2014 | 2015 | 2016 | 2017 | 2018 | 2019 | 2020 |
|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|---|
| **Fleegesecteur** | 25 | 25 | 22 | 23 | 24 | 24 | 27 | 30 | 27 | 27 | 26 |
| **Gesondheetssecteur** | 25 | 24 | 22 | 23 | 21 | 23 | 24 | 24 | 25 | 27 | 25 |
| **Total** | 25 | 24 | 22 | 23 | 23 | 24 | 26 | 27 | 26 | 27 | 26 |

Quell: IGSS.

*7) Kann d'Madamm Minister eng Tabell presentéieren, déi regruppéiert, wéi vill Aarbechtsstonnen am Gesondheets- a Fleegesecteur am Joer 2020 spezifesch op d'Ëmsetzung vu COVID-Veruerdnunge vun der Regierung entfall sinn, dëst souwuel "um Terrain" wéi och um Niveau vun der administrativer Kontroll?*

D'Unzuel vun Aarbechtsstonnen déi wéinst enger Quarantän oder engem Isolement ausgefall sinn gëtt op där enger Säit op Basis vun den Stonnen déi monatlech beim Centre commun de la sécurité sociale vun den Patronen déclaréiert goufen an op där anerer Säit op Basis vun der medezinescher Diagnos déi um Krankeschäin steet an deen den Versécherten der Gesondheetskees (CNS) erareecht, gerechent.

An dësen Zuelen sinn d'Stonnen vun den ugestallten Leit, déi am Krankheetsfall hiert Gehalt iwwert déi gesetzlech fixéiert 77 Deeg ("Lohnfortzahlung") weider bezuelt kréien an an deem Fall och keen Krankegeld vun der Gesondheetskees ausbezuelt kréien (Staatsbeamten an Staatsugestallten, Gemengenbeamten an

[8] Am Géigendeel zu den Tabellen 11 an 12, si Staatsbeamten, Staatsugestallten, Gemengebeamten a Gemengenugestallte matgerechent ginn an den Tabelle 13 a 14.

Gemengenugestallten) net mat dran. Zousätzleg ass et och esou datt am Gesondheets- an Fleegesecteur dëse Persounen éischter eng Minoritéit duerstellen (manner wéi 2% am Joer 2020).
Am allgemengen ginn et keng exploitabel Donnéen iwwert d'Ursaach firwat en Grenzgänger krank ass, well den Code vun der Diagnos just bei enger Minoritéit vun Leit renseignéiert ass. Tatsächlech ass des Informatioun meeschtens ënnert der Form vun Text libre um Krankeschäin erëmzefannen. Donieft ass et awer elo sou, datt zënter dem Ufank vun der Pandémie, CNS, an engem Souci vum Suivi vun der Entwéckelung vun den Krankeschäiner, en extraen Code fir COVID-19 definéiert huet an deen och elo eenheetlech op all Krankeschäin (Résidents ewéi Grenzgänger) ze fannen ass. Et ass also méiglech d'Absencen wéinst enger Quarantän oder engem Isolement fir jiddereen exhaustiv ze festzestellen.

Am Joer 2020 ginn et 314 000 Stonnen déi déi ugestallten an fräiberuffleg Leit, déi am Gesondheets- an Fleegesecteur schaffen, wéinst Quarantän oder Isolement, gefeelt hunn. Dëst stellt 0,7% vun all den déclaréierten Stonnen am Gesondheets- an Fleegesecteur duer. 2021 fält des Unzuel em 20% an läit bei 251 000 Stonnen (Tabell 1).

Tabell 1: Unzuel vun den Stonnen déi ugestallten an fräiberuffleg Leit, déi am Gesondheets- an Fleegesecteur schaffen, 2020 an 2021 wéinst Quarantän oder Isolement gefeelt hunn

| | **2020** | | | **2021**(*) | | |
|---|---|---|---|---|---|---|
| **Catégorie** | **Résidents** | **Grenzgänger** | **Total** | **Résidents** | **Grenzgänger** | **Total** |
| Fleegesecteur | 122.000 | 84.000 | 206.000 | 94.000 | 67.000 | 161.000 |
| Gesondheetssecteur | 66.000 | 42.000 | 108.000 | 51.000 | 39.000 | 90.000 |
| **TOTAL** | **188.000** | **126.000** | **314.000** | **145.000** | **106.000** | **251.000** |

Quell: IGSS, (*) provisoresch Donnéeën

D'Tabell 2 weist wéivill Stonnen déi ugestallten an fräiberuffleg Leit, déi am Gesondheets- an Fleegesecteur schaffen, 2020 an 2021 wéinst Quarantän oder Isolement gefeelt hunn, opgedeelt no Impfstatus um Moment vun der Absence.

Wichteg ass et och ze wëssen datt d'Informatioun iwwert den Impfstatus vun den Grenzgänger net komplett ass. Dëst bréngt mat sech, datt d'Unzuel vun den Stonnen fir déi net geimpften Leit aus dem Grenzgebitt mat grousser Wahrscheinlechkeet iwwerschat ass.

Lëtzebuerg, den 24. Februar 2022

D'Gesondheetsministesch

(s.) Paulette Lenert